D'Kapell an der Uewerschlënner – Ee Lieu de Mémoire

Haut erënnere just nach e puer Ruinen un d'Duerf "Uewerschlënner". Et gouf vergiess. Di éischt Trace vun enger Zivilisatioun an dësem Dall kommen aus dem Joer 1330. Mat der Zäit huet sech hei ee gréissert Duerf entwéckelt. Mëtt vum 19. Jorhonnert zielt d'Uertschaft 86 Awunner. Mëlleren, Schousteren, Gierwer, Doléiner a Vagabunden hunn hei gelieft. D'Landwirtschaft an d'Handwierk hunn den Alldaach geprägt. D'Aarbecht wor haart an onrentabel sou dass um Enn vum 19. Jorhonnert eng Auswanderungswell an di „Nei Welt" d'Duerf bal ausradéiert hat. D'Mënschen hunn nei Perspektive gesicht an hunn dofir alles opginn. Den zweete Weltkrich wor d'Doudesuerteel vum Duerf. Zwar hunn nom Krich ëmmer rëm vereenzelt Leit an engem vun deenen zwee nach bestoenden Haiser gewunnt, ma et konnt een zu deem Ableck net méi vun engem Duerf oder besser gesot vun engem Duerfliewe schwätzen.

Wann een haut duerch d'Schlënnerdall spadséiert, da kann een sech nëmmen nach schwéier virstellen ënner wéi enge Konditiounen d'Mënschen deemools gelieft hunn. Ze grouss ass d'Verwandelung déi d'Schlënner duerchgemaach huet. Et kann ee mat Recht behaapten dass d'Natur sech d'Schlënner zeréckgeholl huet.

Héich uewen op engem Fiels steet di kleng Kapell. Virun der Kapell de Grondrëss vun der aler Schoul, di op Grond vun engem onvirsiichtege Schoulmeeschter ofgebrannt wor. D'Uewerschlënnerkapell steet ënnert dem Schutz vun der helleger Kunigunde. D'Gemeng Buerschent lëscht d'Gebai als "Chapelle St. Michel" op. Den 13. August 1858 gëtt den Inneministère der Gemeng Buerschent d'Permissioun fir een 9 Ar grousst Grondstéck ze kafen an an der Uewerschlënner de Grondsteen ze leen fir d'Kapell, d'Schoul an de Kierchenhaff. Dem Nic Bosseler sengem Wierk "Hoscheid auf der Strass" ass ofzeleeden dass am Joer 1875 fir Päischten

d’Aweihungsfeierlechkeeten op dëser Plaatz ofgehale goufen. De 27. September 1931 gëtt d'Kapell eng zweete Kéier ageweit nodeems d'Gebai op Grond vun enger Privatinitiativ renovéiert gouf. Eng drëtt Renovatioun gëtt 1965 vum Buerschenter Gemengerot beschloss.

Vun dësem Zäitpunkt un huet sech eng kleng Communautéit rondrëm d'Uewerschlënnerkapell Joer vir Joer am Dall getraff an hei eng Mass organiséiert.

Enger So no soll viru méi wei 350 Joer schonn eng Kéier eng Kapell op dëser Plaatz gestanen hunn. D’So mam Titel “Die wundersame Litanei” beschreift d’Existenz vun zwee Dierfer an der Géigend vun der Schlënner. Dat engt Duerf housch Nachtumb, dat anert Wambach. Ee Spillmann aus der Eifel hat d’Pescht an di zwee Dierfer geschleeft. Aus all Duerf hat nemmen eng Fra iwwerlieft. Allebéid si se all Freideg an d'Uewerschlënnerkapell gepilgert fir hei fir déi Doudeg ze bieden. Der So no hunn di zwou Fraen an der Kapell d’Stëmme vun de Verstuerwenen héieren. Enges Daachs sinn di zwou Frae verschwonnen. Si sinn net rëmfonnt ginn.

Hautdesdaags gëtt nach all Joer am Juli an der Uewerschlënner eng Mass ofgehal. Eng bal vergiessen Traditioun aus der Regioun.

Frënn vun der Schlënner asbl